n° 2274

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 18:06, 26/05/2020

Lëtzebuerg, den 26/05/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Wärend de Grenzkontrollen am Kader vun der Covid-19 Pandemie un der däitscher Grenz goufen d'Donnéeën vun Biergerinnen a Bierger erhuewen, déi d'Land Richtung Däitschland verloosse wollten. Zu dësen Donnéeën gehéieren, laut der Äntwert vum Minister op d'Fro n° 2074, de Numm an de Virnumm vum Chauffer, Gebuertsdatum, Plackennummer an de Grond fir den grenziwwerschreidenden Deplacement. Dës Donnéeën sinn, der Äntwert op d'Fro n° 2074 no, op „Ufro vun den däitschen Autoritéite" erhuewen ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Här Minister, firwat war et esou wichteg, dës Donnéeën ze erhiewen?

2. Här Minister, ënner wéi enger Form ënnerscheeden sech d'Consignen fir déi lëtzebuergesch AN déi däitsch Douanieren, jee no Gebitt wou kontrolléiert ginn ass? Goufen et beispillsweis fir déi Kontrollen nördlech vun Iechternach aner Consignen, wéi fir déi südlech vun Iechternach a wa jo, inwiefern? Wéi eng Donnéeën goufen jee no Grenziwwergank erhuewen?

3. Kann den Här Minister eng Pièce virleeën, déi attestéiert, datt déi däitsch Autoritéiten déi besoten Donnéeë vun der lëtzebuergescher Säit gefrot hunn?

4. Kann den Här Minister confirméieren, datt déi däitsch Bundespolizei just statistesch Donnéeën gefrot huet?

5. Kann den Här Minister garantéieren, datt keng perséinlech Donnéeën un Drëtter, ënnert anerem däitsch Autoritéiten iwwermëttelt goufen? Falls net, iwwer wéi e Wee goufen dës kommunizéiert? Op wat fir enger gesetzlecher Basis ass dëst geschitt?

**Le caractère urgent de la question a été reconnu (27.05.2020)**

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député